



Tipps zur Tour

Nur Pferde in guter Form und Gesundheit dürfen mit angemessenem Hufschutz an der Tour teilnehmen.

Vor der Tour

- Pferd impfen lassen gegen Influenza und Herpes!
Tollwut und Wundstarrkrampf (Tetanus) sind fakultativ, werden aber empfohlen.
Nach diesen Impfungen soll das Pferd während 10 Tagen geschont werden. Also nicht kurz vor der Tour impfen!
- Genügend Training, besser regelmässig reiten als viel (auch Ganztagesritt üben).
Ausrüstung überprüfen, nur bewährtes und passendes Material benutzen.
Rechtzeitig Hufbeschlag organisieren, kein neuer Hufbeschlag unmittelbar vor der Tour.
Info-Versammlung des Organisators besuchen.
- Sehr wichtig: Futterumstellung
Pferd an Heu-, Kraft- und Grasfutter gewöhnen, da jede plötzliche Umstellung immer eine Belastung darstellt. Vom Organisator wird ein Mischfutter für Freizeitausdauersport gestellt.
- Mineralverlust durch Schwitzen muss unbedingt durch Zugabe von Elektrolyten, oder einfacher (und viel billiger) von Viehsalz, ausgeglichen werden. Während der Tour steht Viehsalz zur Verfügung. Das Pferd muss jedoch daran gewöhnt sein (Durchfallgefahr)!

Während der Tour

Diszipliniertes Reiten

= Schonung des Pferdes + Rücksichtnahme auf andere Reiter
= Vermeiden von Unfällen

- sich hinter dem Gruppenführer in der Gruppe einfügen
- dasselbe Tempo wie der Gruppenführer einhalten
- nicht dauernd und ohne Grund und Vorwarnung und nur im Schritt überholen
- Abstand halten
- auch mal zu Fuss neben dem Pferd gehen, eine Erleichterung für Pferd und Reiter
- gute Pflege, Sattellage sauberhalten (mit Schwamm abwaschen um Druck zu vermeiden)

Achten, dass das Pferd regelmässig trinkt und frisst. Des Pferd wird immer zuerst versorgt ehe man an sich selbst denkt.

Die Tour unterbrechen wenn man merkt, dass das Pferd Schwierigkeiten hat.

Nach der Tour

Pferd abtrainieren, d.h. auch nach der Tour noch einige Tage leichte Arbeit (z.Bsp. longieren) um Muskelkater zu vermeiden, danach eventuell Weideurlaub. Dabei Futterration wieder allmählich kürzen.

Es lohnt sich, auch ausserhalb der Tour die Tipps betreffend Fütterung und Haltung das ganze Jahr über zu befolgen. Das Resultat merkt man oft erst nach Jahren (oder auch nicht) weil eine frühere Überanstrengung, Unterversorgung an Mineralien oder schlechter Hufbeslag chronische Lahmheiten oder andere unheilbare Krankheiten hervorrufen. In Deutschland ist das Durchschnittsalter vom Warmblut-Reitpferd nur 8 Jahre, in Luxemburg kennt man gottseidank diesbezüglich keine Statistik, sie wäre wohl auch nicht besser...

Colette SCHWARTZ






D' Dülmener

Kaum ee kënnt se hei zu Lëtzebuerg: d'Dülmener Wälpäerd. Si liewen am "Merfelder Bruch", 12 km westlech vun der Stat Dülmen. Schonns am Joer 1316 gouf vun dëse Päerd geschwat, eng Rass déi et nëmmen an dësem Bësch an dëser Moorgéigend gëtt. Et sinn em di 350 Päerd, di eenzeg wäil liewend Grupp di et op dem europäesche Kontinent gëtt. Si bewegen sech op engem Terrain vun 400 ha deem dem Herzog von Croy gehéiert, deem dëst alles ënnerhält fir d'Rass virum Ënnergang ze retten.

D'Dülmener hunn sech iwwert des Rei vu Joeren der Natur ugepasst. Si sinn robust, gesond Päerd a stellen keng Uspréich. Déi Géigend wou se liewe steet ënnert Naturschutz an un éischter Plaz steet d'Erhale vun dëser Päerdsrass an dësem villfältege Biotop, deem et méiglech mécht desen Päerdstyp ze prägen. En Hannergedanken ass och hiren ursprénglechen Gen ze erhale, fir eventuell iergendwann eng Kéier déi duerch de Mënsch iwwerzüchten Päerdsbestänn duerch seng "Natiirlechkeet" erëm opzebesseren. Hiert Verhalen an hierem natierlechen Ëmfeld ass och e wichtegen Beitrag fir d'Forschung, well esou eng Päerdspopulatioun, wéi ee se hei am Meerfelder Bruch gesäit an déi vum Mënsch kaum beaflosst gëtt, fënnt e seelen.





Nun, wéi gesinn des Päerd aus? D´Mieren, di an dëser Grupp liewe sin kräfteg, vun hellbeige bis schwarzbrong ass alles vu Faarwe vertrauden (keng Schëmmel). Vill hun der en Aalstreich iwwer de Réck an hir Mähnen si oft zweefaarweg (hell matt donkel gemëscht) wat immens flott ausgesäit. Obschonns se ni gestréilt gi (bei 350 Stéck wier daat och nett einfach), hun se e blénkegt Fell. Se wierken och nett mënscheschei oder ängschtlech - et ass hinne jo och nach näischt Schlechtes widderfuer - also firwat sollte se och? Si ginn awer d´ganz Joer iwwer vun engem Fieschter kontrolléiert an e Vétérinaire dréit säin Deel dozou bäi dass se all gesond sinn.

Lo kommen ech awer zu dem wichtegsten Ereegnes vum Joer - daat eenzegt wat d´Dülmener mat Mënschen zesummebréngt: den "traditionelle Wildpferdefang". Zu dësem Evenement treffe sech all Joer die lescht Woch am Mee, op dem Samschdeg, em die 10000 Leit am Meerfelder Bruch fir dësem Spektakel nozekucken - a spektakulär ass en! An enger risegrousser Arena an Hufeiseform setzen d´Leit a waarden op de grouss Moment. Vun 12:00 Auer un ass Showprogramm: Museken trieden op, Virféierunge gin gemaach matt Hënn, Schof, Mini Shetland Ponys an der Kutsch zu verschiddenen Themen "verkleet", alles ganz witzeg opgezunn, Quadrillen gin geridde vu lokale Reidveräiner, jee, et gëtt vun allem. Vill Leit hun sech vill Aarbecht gemaach fir dat alles zesummenzesichen a méiglech ze machen. Da gëtt awer och gewise wat d´Dülmener kënnen. Si sin fir all Zort vu Fräizäitrideen gëeegent: fir Bësch, Dressur- an (kleng) Sprangreider, kuerz et ass e Villsäitegkeetspäerd fir wann ee vun allem e besse well machen. Wonnerschéi sin se an der Kutsch. Doduerch dass se all déiselwecht Gréisst hun passe se ëmmer beieneen a wann d´Faarf och nach déiselwecht ass, ass d´Bild am schéinsten.

Um 15:00 Auer ass et dann esou wäit, d´Spannung ass grouss an no der Ukënnung vum grouss Moment ass et ganz roueg an der Arena a jidderee spëtzt d´Oueren! Bemol héiert een et donneren: honnerte vun Houf doen de feste Buedem vibréieren. Da gesäit ee se: a vollem Galopp komme se op den Agank vun der Arena zou, an enger riseger Stëbswollek, d´Schuddere gin engem aus bei deem Bild. Ongefëier 350 Mieren matt hirem Nowuess, die mathale wie wann dat normal wier. Wann d´Stëbswollek sech geluech huet sti se do a kucke ronderëm. Fillen sichen nach no hire Mammen die se ënnerwee verluer hun. Di erfueren Mieren wëssen em wat et geet. D´Leit kréien Zäit fir desen schéine Moment ze genéisse well gläich geet de Spektakel lass. Em die 30 staark Männer aus der Ëmgéigend machen all Joers fräiwëlleg mat fir sech vill blo Platzen an aner Verletzungen anzefänken. 6-10 Päerd gin gesënnert, an da gëtt gekuckt ob en Hengscht vum Joer virdrun dobäi ass. Dee gëtt da matt





der Hand agefaangen. Dëst kléngt einfach, vergiesst net dass et Wellpäerd si - daat mierkt ee spëtstens wann d' Borsche versichen zu dräi desen jonken Hengscht vun der Grupp ze trennen. D' Päerd ass en Herdendéier an esou séier kritt een deen nett do eraus! D' Mieren ëmkreesen den ausgewielten an dee klengen Hengscht wiert sech: d' Been fléien héich no hannen, no fir, de Kapp ass och ganz geféierlech, a wann d' Jongen nett de richtege Moment op d' Sait sprange gin se gewuer wéi wéi esou e klengen Houf kann doen. Eng an d' Gesiicht, an d' Réppen, an de Knéi, dëst Joer wor vun allem dobäi - mee daat gehéiert dozou. Die Kléng wiere sech esou gudd et geet, mee normalerweis gewénnt an dësem Fall den Zweebeener - si sin jo och zu méi! De klengen Hengscht muss dru gleewen a gëtt säitlech op de Buedem geluecht. Zu 5 leie se op him fir dass hie roueg bleift währenddem hien den éischte Kontakt matt engem Halfter ze spiere kritt. Dann dierf hien erëm opstoen. Mee wann der mengt daat wier et, dann hudd der iech géiert. Elo geet de Véier- mam Zweebeener duch d' Arena spazéieren an den Hengscht huet de längeren Otem. Mee d' Jonge loossen d' Seel awer och nett lass. Op de Fieschten, um Hënner, um Réck oder Bauch gin se mol wéi laang vum Hengscht nogezunn an d' Publikum huet gudd Laache wann en aneren de Misère huet! Iergendwann, wann d' Leit sech op deen nächste Kandidat konzentréiert hun, huet de Mann et geschafft mam eejäregen do unzekomme wou hie wëllt an do kritt d' Fillen da säi Brandzeechen opgedréckt.

An der Arena ass e Gatter ofgetrennt. Do kommen d' Mieren matt den neie Fillen dra wa se gesënnert gi si. Munch eeler Mieren stelle sech einfach schonns direkt bei d' Gatter well se wëssen dass hinnen näischt geschitt, a si wëllen direkt era fir hier Rou ze hun. 35 eejäreg Hengschte woren et dëst Joer, iwwert 2 Stonnen huet de Spektakel gedauert. Leider hun 2 vun de Borsche misse matt der Ambulanz an d' Klinik an anerer hun d' Eisbeidelen, di an enger Killtäsch bereet leien, opgebraucht fir d' Volltreffer ofzekillen. Naja, wéi seet e Kolleg "e besser Verloscht ass ëmmer" a mir hoffe si hun sech all erëm gudd vum Schock erholl - Zwee- a Véierbeener.

Ah jo, wat matt de Fillen geschitt? Ma si gi nom Spektakel un de Meeschtbiddenden versteet. Avis aux amateurs...

Méi Informatiounen: www.wildpferde.de
Ilona BALOGH


Ont collaboré à l'organisation du 40^e Tour de Luxembourg à Cheval

Administration communale de
Bourscheid
Administration communale de
la Ville d'Echternach
Administration communale de Mersch
Administration communale de Vichten
Administration communale de
la Ville de Vianden
Laurent Amann, Steinzel
Ilona Balogh et Claude Schank,
Luxembourg-Cents
Nadine et Josy Bassing-Biltgen,
Vianden
Trixy Boreux, Itzig
Thérèse et Théo Brodala-Spanier,
Heisdorf
Famille Jules Dentzer, Beringen
Den Daachdecker s.à r.l., Michelbouch
Luce Emringer, Steinzel
Famille Herbert Fichels, Roth (D)
Pia Fichels, Roth (D)
Jean Gillen, Echternach

Gery Jacoby, Strassen
Emile Jacoby, Lorentzweiler
Armand Kieffer, Buschdorf
Claudine et André Klein-Mertes, Hassel
M Immobilier SA, Luxembourg-Clausen
Nathalie Lorent et Tom Pletschette,
Capellen
Désirée et François Majerus-Marx,
Moutfort
Paul Majerus, Bofferdange
Claudine Meckel, Garnich
Simone Redlinger, Schengen
Reiterpension Schmalen, Ferschweiler (D)
Andrée et Paul Schintgen-Jacoby,
Mullendorf
Colette, Roger, Pit et Lea
Schwartz-Weber, Heisdorf
Maus Schwartz-Even, Heisdorf
Edith Gerges-Serafini, Leudelange
Marthe et Félix Simon-Malinowski,
Vichten
Elisabeth Weiss, Schoenfels



POUR VOS GRILLADES
LA PROVENCALE
VOTRE GARANT DE QUALITÉ



Les Halles de Luxembourg
centrale téléphonique: 49 89 1

Zone Ind. Grاسبësch L-3370 Leudelange
enregistrement nuit: 49 89 222 fax: 49 89 333



150
JOER



SPUERKEESS

Thiefels & Bourg

Ets. THIEFELS & BOURG SA
Articles pour l'équitation
Quincaillerie agricole - Mersch



Äert Vertrauen a sécheren Hänn



Foyer

Assurances – Prévoyance – Patrimoine